N°6971
Entrée le 06.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

D'Wanteraktioun geet traditionell den 1ten Dezember op an den 31te Mäerz zou. An der Vergaangenheet hunn ech d'Madamm Ministesch scho gefrot, fir d'Wanteraktioun éischter ze starten (N°1496). 2020 war se schonn de 16ten November opgaangen, 2021 den 23ten November.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert d'Wanteraktioun 2022-2023 méi fréi seng Dieren opmaachen, esou dass d'Leit scho kënnen virum 1ten Dezember do schlofen?

2. Ass d'Madamm Ministesch nach ëmmer der Meenung, dass d'Wanteraktioun net iwwert de Wanter eraus op bleiwe sollt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député